N° 6039
Reçue le 06.05.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister op d'Fro Nummer 6039 vum 7. Abrëll 2022 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Fernand Kartheiser

Huet Polen bilateral oder am europäeschen Kader em Ennerstëtzung gebieden?

Lëtzebuerg huet keng direkt bilateral Ufro fir Ënnerstëtzung vu polnescher Säit kritt.

Am europäesche Kader goufe Moossname geholl fir EU-Fonge sou ze reorientéieren, fir ukrainesche Flüchtlinge besser hëllefen ze kënnen. Eng Rei Memberstaaten, dorënner och Polen, hunn em zousätzlech Moosnamen am Kader vun der Kohäsiounspolitik gebieden. Déi Demande gëtt aktuell vun der Kommissioun evaluéiert.

Wa jo, ënnerstëtzt oder initiéiert Lëtzebuerg bilateral oder op europäeschem Niveau Moossname fir de polnesche Grenzgemengen an dëser schwiireger Situatioun ze hëllefen?

Lëtzebuerg huet am Rot vun der EU déi gesetzlech Ännerungen ënnerstetzt, fir et de Member-Staaten – dorënner also och Polen – ze erméiglechen EU-Fongen am Kader vun der Flüchtlingskris ze mobiliséieren. Déi Fongen kënnen elo benotzt ginn fir d'Grondversuergung vun de concernéierte Leit ze assuréieren.

Lëtzebuerg, 6. Mee 2022
Aussen- an Europaminister
(s.) Jean Asselborn